



N° 7242
Entrée le 24.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung & Wunnengsbau weiderzeleden.

D'Ministernen haten 2021 op enger Pressekonferenz d'Rapporte vum Observatoire de l'Habitat virgestallt, déi besoen, dass hei zu Lëtzebuerg nach 3.732 Hektar Land fir de Wunnengsbau kéinte benotzt ginn an deemno Platz fir 142.000 Wunnenge fir 300.000 Persoune wier.

Weider gong aus der Nott n°29 ervir, dass d'ëffentlech Hand - also de Staat, d'Gemengen an d'ëffentlech Bauträger a Fongen - ronn 505 Hektar Bauland besëtzen, mat deem ee groussen Deel vun deenen 142.000 ugekënnegte Wunnengen hei am Land gebaut kéint ginn.

2021 wollte mir an der parlamentarescher Fro n°5313 vun de Ministere wëssen, wéi déi vill Baulandreserve vum Staat genotzt ginn. D'Ministere konnte mir heizou leider net vill Zuele liwweren:

"Am Mee 2022, wann de Monitoring vum Pacte Logement 1.0 ofgeschloss ass, wäert et méiglech sinn ze wëssen, wéi vill Bauland innerhalb vun deene Gemenge consomméiert ginn ass, déi beim Pacte Logement matgemaach hunn an déi eng CDA, IVL oder Standard-Konventioun ënnerschriwwen hunn. Doriwier eraus verfüügt d'Regierung net iwwert déi gesamt Informatiounen fir méi präzis ob dës Fro ze äntweren.. Ee vun de Ziller vum Raum+ ass fir kënnen, a Zukunft, esou Informatiounen ze liwweren."

Haut huet de Logementsministère de Bilan vum Pacte Logement 1.0. presentéiert:

"Dans ce contexte, quelques 5.200 logements abordables auraient dû être créés. Malheureusement, par manque de mesures contraignantes et d'instruments de contrôle, il n'existe à ce jour pas de moyens pour vérifier combien de ces logements sont effectivement aujourd'hui des logements abordables."

An deem Zesammenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vum Staat sinn, goufen zënter der Aféierung vum Pacte Logement 1.0. bebaut?



www.piraten.lu

2. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vum Staat sinn, sinn aktuell nach net bebaut?
3. Op wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vum Staat sinn, ginn de Moment bebaut?
4. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vum Staat sinn, leit nach kee PAP vir?
5. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vum Staat sinn, leien nach keng Baugeneemegunge vir?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten



GOERGEN Marc
Deputéierten

